

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéierte Chamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 27. September 2016

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Taiwan betreit eng Fluchzone vun 180.000 Séimeilen, wou am Joer ronn 1,53 Milliounen Fluchbewegungen stattfanne mat 58 Milliounen Passagéier. Déi zoustänneg Autoritéit vun der Insel, déi sech ëm d'Sécherheet vun der Aviatioun bekëmmern, sinn awer net Member an der OACI (Organisation de l'aviation civile internationale), déi stänneg d'Norme fir d'Sécherheet vun der Fligerei upasst. D'OACI ass eng spezialiséiert Institutioun vun de Vereenegten Natiounen.

No der Meenung vun den Autoritéiten an Taiwan wär et wichteg, schonns eleng wéinst der Sécherheet, datt d'Autoritéiten vun Taiwan, déi sech ëm de Fluchverkéier këmmern, Accès zur OACI kréichen.

Dowéinst wéilt ech dem Här Bausseminister dës Fro stellen:

- *Ass Lëtzebuerg bereet d'Kandidatur vun der ziviller aeronautescher Autoritéit vun Taiwan an der OACI ze ënnerstëtzen?*

Mat déiwem Respekt



Fernand Kartheiser
Deputéierten



CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Maria Mathieu
Service des séances plénières et
secrétariat général
Tél : 466.966.221
Fax : 466.966.210
e-mail : mmathieu@chd.lu

Monsieur Fernand Etgen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 27 septembre 2016

Objet : Question parlementaire n° 2424 du 27.09.2016 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Mars Di Bartolomeo
Président de la Chambre des Députés